N°3488
Entrée le 06.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden an vum Här Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro N° 3488 vum 20. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet “Critères du prix d’achat pour les terrains acquis par les communes”.

1. Wäert den Inneministère d'Transaktioun, déi de 14te Januar am Péitenger Gemengerot gestëmmt gouf (9.2. "Compromis concernant l’acquisition d’un terrain sis à Pétange, lieu-dit « Rue des Promenades ") ënnert d'Lupp huelen?

Dat ofgeännert Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 gesäit vir, dass Acquisitiounen vun Immobilien réischt vun engem Wäert vu 500.000 EUR un ënnert d’Transmission obligatoire falen. Den Inneministère huet kee Grond fir iwwer den obligatoresche Contrôle rauszegoen wann et keng konkret Hiweiser op eng Illegalitéit oder eng Contrarietéit zum Intérêt général gin.

2. Ginn et aner Gemengen, déi hei am Land fir 20.000€ oder méi pro Ar Agrarland kaf hunn?

Den Inneministère féiert dozou keng Statistiken.

3. Wéi eng Kritären gëllen fir d'Gemengen beim Akafspräis, wa si Terrainen oder Immobilien kafen?

D’Gemengegesetz hält keng Kritäre fest sou, dass d’Acquisitiounen vun Immobilien ënnert d’Gemengenautonomie falen. Sie mussen natierlech am Aklang mam Gesetz a mam Intérêt général sin.

4. Ab wéini considéréiert den Inneministère, dass eng Gemeng ze vill fir een Terrain bezuelt huet? Sinn d'Ministeren der Meenng, dass ee Präis vun 20.000€ pro Ar fi r Agrarland der Realitéit entsprécht?

Mir verweisen op d’Äntwert op d’Fro 3. Do driwwer raus hänkt den Akafspräis vun engem Terrain vu ville verschidde Facteuren of wat zu méi oder manner staarke Variatioune vun de Präisser féiere kann, souguer wann d’Terrainen d’nämlecht an de plans d’aménagement général vun de Gemenge classéiert sinn. D‘Gemengenautoritéiten sinn am Kader vun Immobilientransactiounen allgemeng gutt berode fir eng onofhängeg Expertise vum Terrain an Optrag ze ginn, fir ee responsabelen Ëmgang mat den ëffentlechen Mëttel ze garantéieren.

5. Wéi vill Immobilientransaktiounen goufen an de leschte 5 Joren vum Inneministère annuléiert? Wéi vill dovunner, well den Akafspräis net der Realitéit entsprach huet?

An deene leschte 5 Joer goufe 6 Deliberatiounen iwwert Immobilientransaktiounen vum Inneministère annuléiert, 4 weider Deliberatioune kruten ee refus d’approbation. Keng vun dësen Deliberatiounen gouf annuléiert, wëll de Präis net der Realitéit entsprach hätt.

Lëtzebuerg, den 6. Februar 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden